piraten.lu

N°3520
Entrée le 23.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.01.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.**

Déi vireg Regierung hat an de leschte Joren héich Ausgaben a Militärfligere fir Lëtzebuerg gemaach, dorënner fir den Airbus A330 MRTT, deen am Kader vun der NATO an dem EATC zesumme mat anere Länner finanzéiert a genotzt gëtt.

De lëtzebuergesche Staat dierf an dësem Programm eng 1200 Fluchstonne pro Joer notzen, dëst iwwer eng Lafzäit vun 30 Joer, wat ronn 600 Milliounen Euro aus dem Staatsbudget kascht.

Dës Fluchstonne waren ursprénglech virgesi fir wichteg staatlech Aufgaben. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°3961 aus dem Joer 2021 hat déi deemoleg Regierung nach erkläert, datt bis dohinner kee Regierungsmember op d'Transportméiglechkeete vun engem vun de lëtzebuergesche Militärfligeren zeréckgegraff hat.

Zënter dem Regierungswiessel huet sech dës Praxis awer geännert, wéi d'Zuelen aus der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°3034 weisen. An där Äntwert gëtt op d'Flich am Kader vum EATC/ATARES-Programm verwisen, woubäi de Käschtepunkt bei 0€ leie soll

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat ass de Käschtepunkt vun den EATC/ATARES-Flich aus dem Tableau vun der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3034, wann een d'Staatsausgaben fir den EATC/ATARES-Programm aus dem Budget mat de geflunnene Kilometer vergläicht?
2. Wéi héich ass de Käschtepunkt, wann een d'Staatsausgaben mat de Fluchstonnen aus dem Tableau géigeniwwerrechent?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Wéi eng aner Fligeren, ausser dem A330, goufe fir d'Trajeten aus dem Tableau genotzt?

4. Wéi oft gouf den A330 fir d'Trajeten aus dem Tableau benotzt a wéi oft gouf een Anere vun dësen Jets benotzt?

5. Wéi variéiert de Käschtepunkt fir d'Notzung vun den anere Fligertyppen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten